N°3831
Entrée le 22.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Direction de la défense

Äntwert vun der Verdeedegungsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 3831 vum 23. Mäerz 2026 vun den Deputéierten Tom Weidig a Fred Keup.

*Fro 1 a 2:*

*Gëtt et am Ministère Iwwerleeungen, fir Lëtzebuergesch als alldeeglech Ëmgangssprooch an der Arméi mëttel- oder laangfristeg erofzesetzen oder ofzeschafen an duerch eng aner Sprooch, z.B. Franséisch, als Kommunikatiounssprooch tëscht Offizéier, Ënneroffizéier an Zaldoten ze ersetzen?*

*Ass d'Regierung bereet, de Statut vum Lëtzebuergeschen als alldeeglech Ëmgangs- a Kommandosprooch an der Lëtzebuerger Arméi explizitt festzeschreiwen, fir och an Zukunft kloer a rechtssécher ze garantéieren, datt dës Roll net duerch eng aner Sprooch relativéiert oder ersat gëtt?*

D'Ëmgangs- a Kommandosprooch an der Lëtzebuerger Arméi ass d'Lëtzebuergescht an et gëtt keng Iwwerleeungen dorun eppes z'änneren.

*Fro 3:*

*Lëtzebuerger Kandidaten – sou ass eis zu Ouere komm – stousse beim Rekrutement **fir** d'Arméi op Schwieregkeeten, well wesentlech Deeler vun der Selektiouns- a Rekrutementsprozedur op Franséisch ofgehale ginn. Kann d'Madamm Minister dëst bestätegen, a falls jo, wéi gedenkt d'Regierung sécherzestellen, datt lëtzebuergesch Kandidaten duerch déi staark Roll vum Franséischen net benodeelegt ginn?*

D'Selektiouns- a Recrutementsprozedur gëtt op Lëtzebuergesch duerchgefouert.

D'Sproochentester (Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch, voire Englesch) wärend der Selektioun sinn an der jeeweileger Sprooch.

D'Sprooch vun de psychotechneschen Tester variéiert jee no Plattform, mee aktuell gëtt kee psychotechneschen Test op Lëtzebuergesch ugebueden, well keng Plattform dës Sprooch ënnerstëtzt:
- D'Zaldot.Inn.e kënne fir d'Tester tëscht Däitsch, Franséisch an Englesch wielen;
- Fir d'Besoldunggruppen C1 an C2 (Kaperol.in) sinn d'Tester op Däitsch;
- Fir d'Besoldungsgruppen A1, A2 (Offizéi.esch.er) a B1 (Ënneroffizéi.esch.er) sinn d'Tester op Franséisch.

Fir sécherzestellen, datt kee.ng Kandidat.in benodeelegt gëtt, ginn d'Tester intern gemaach, wou e.ng Surveillant.e am Testsall präsent ass a wann néideg ka kuerz erklären oder iwwersetzen.

Den Entretien mat de Psycholog.inn.e gëtt op Lëtzebuergesch gefouert, genee sou wéi den Entretien mat der Kommissioun.

*Fro 4:*

*Wéi rechtfäertegt d'Regierung, datt Lëtzebuergesch offiziell als „alldeeglech Ëmgangssprooch" vun der Arméi bezeechent gëtt, wann zur selwechter Zäit fir einfach Zaldoten nëmmen de Sproochenniveau A2 verlaangt gëtt, dee weder eng sécher mëndlech Kommunikatioun nach d'Verstoe vu méi komplexe Befeeler garantéiert?*

Fir d'Aarbecht an d'Aufgaben, déi en.g Zaldot.in an der Arméi erfëllt, geet e Mindestsproochenniveau A2 duer a stellt d'Arméi viru keng Problemer, weder bei der Formatioun nach am operationelle Beräich.

Lëtzebuerg, den 22. Abrëll 2026.

D' Verdeedegungsministesch

(s.) Yuriko Backes